PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:35, 06/05/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Interieur weiderzeleeden.

Wéi aus der Press ervir geet, si Gemengen zu Lëtzebuerg, déi d'Europafändelen aktuell op Hallefmast setzen, fir esou d'Enttäuschung iwwert déi zoue Grenzen am Kontext vun der Corona-Pandemie ze artikuléieren.

Op de sozialen Netzwierker huet dës Aktioun fir deels virulent, europafeindlech Reaktioune gesuergt. Och wann d'Grenzen de Moment zou sinn, verdanke mir der europäescher Unioun Fridden a Prosperitéit op eisem Kontinent.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Dir Dammen an Häre Ministeren, wéi beuerteelt Dir dës Aktioun vu verschiddene Gemengen ?
2. Ass d'Affichéieren oder den Ëmgank mam europäesche Fändel gesetzlech gereegelt ? Wa jo, wéi ?
3. Gouf et fir dës Aktioun eng Autorisatioun säitens dem Minister?
4. Fält dës Aktioun eenzeg an eleng ënner d'Autonomie communale an duerf eng Gemeng deementspriechend fräi entscheeden, wéi Si den europäesche Fändel benotzt?
5. Si Dir d'Accord, datt dës Aktioun kéint een zweedeitege Message ausdrécken, deen deemno wéi Euroskepsis kéint förderen ?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (06.04.2020)

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 8 JUIN 2020

REÇU
Par Alff Christian , 13:04, 08/06/2020

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: **Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Madame la Ministre de l'Intérieur à la question parlementaire n°2153 de Messieurs les Députés Sven CLEMENT et Marc GOERGEN au sujet des drapeaux européens en berne.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°2153 du 6 mai 2020 de Messieurs les Députés Sven CLEMENT et Marc GOERGEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Madame la Ministre de l'Intérieur à la question parlementaire n°2153 de Messieurs les Députés Sven CLEMENT et Marc GOERGEN au sujet des drapeaux européens en berne.

1. Dir Dammen an Häre Ministeren, wéi beuerteelt Dir dës Aktioun vu verschiddene Gemengen?

   Et steet der Regierung net zou sech iwwert d'Motivatioune vun den eenzele Gemengen ze äusseren; allerdéngs war der Regierung bewosst dass d'Residente vun deene Gemengen ganz besonnesch vu Grenzschléissungen a –kontrolle vun däitscher Säit negativ impaktéiert waren. Dowéinst huet d'Regierung sech och vun Ufank un op allen Niveaue fir en Ophiewe vun dëse Mesuren agesat.

2. Ass d' Affichéieren oder den Ëmgank mam europäesche Fändel gesetzlech gereegelt? Wa jo, wéi?

   Den Ëmgank mam europäesche Fändel ass net spezifesch um nationale Plang gereegelt.

3. Gouf et fir dës Aktioun eng Autorisatioun säitens dem Minister?

   Nee.

4. Fält dës Aktioun eenzeg an eleng ënner d'Autonomie communale an duerf eng Gemeng deementspriechend fräi entscheeden, wéi Si den europäesche Fändel benotzt?

   Hei sief op d'Äntwert op d'Fro 2 verwisen.

5. Si Dir d'Accord, datt dës Aktioun kéint een zweedeitege Message ausdrécken, deen deemnowéi Euroskepsis kéint förderen?

   Dat ass eng reng spekulativ Fro ob déi et keng eenzeg Äntwert ka ginn.